



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Ekonomieminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Wéi d'Regierung an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6042 schreift, ginn
am Fall vun enger Gasknappheet de Wanter fir d'éischt déi grouss Betriber ofgeschalt. Wéi
haut am Quotidien ze liese war, kéinte vill Betriber hir Gasspuepotential erhéijen, wann si méi
staark op Dieselaggregater zeréckgräifen. Eng Rei Betriber halen sech sou Apparater als
Reserveinfrastruktur, fir de Fall vu gréisseren Aarbechten un hirem Gasequipement. Weider
war am Quotidien awer ze liesen, datt d'Autorisatioun fir den Asaz vun esou Generatoren
d'Limitatioun op eng prezis Unzuel u Stonne pro Joer virgesäit.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) Kann d'Regierung sech virstellen, am Fall vun enger Gasknappheet kuerzfristeg
provisoresch Autorisatiounen ouni zäitlech Asazlimit fir Dieselaggregater
auszustellen, fir de Betriber an der Noutsituatioun eng méiglechst onbürokratesch
Ëmstellung ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten